N°3076
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3076 vum 20. Oktober 2025 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Den honorabelen Deputéierten freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro nom Stand vun den Aarbechten un der N27 tëscht Ierpeldeng-Sauer a Méchela, wéini d'Streck erëm opgemaach gëtt a wéi vill Gefierer do am Duerchschnëtt all Dag fueren.

*Fro 1: Kann d'Ministesch Informatiounen iwwer d'Aarbechten un dësem Streckenofschnëtt vun der N27 liwweren?*

De 24. Abrëll 2025 ass et an engem fréiere Steebroch tëscht Ierpeldeng-Sauer a Méchela zu engem Fielsrutsch vun ongeféier 2000 Kubikmeter Gestengs komm. An dësem stëllgeluechte Steebroch, deen mëttlerweil dem Staat gehéiert, si Sécherheetsnetzer installéiert, déi d'Nationalstrooss N27 viru Steeschlag schützt. Ëmmer erëm kommen do Steng erof a gi vun dësen Netzer zeréckgehalen.

De Fielsrutsch vum 24. Abrëll war bis dato dee Gréissten op dëser Plaz. De Sécherheetssystem huet wéi virgesi funktionéiert, soudass d'Stroossesécherheet zu all Moment garantéiert war. Trotzdeem ass de System dobäi staark beschiedegt ginn a muss deelweis nei installéiert ginn.

An enger éischter Phas goufen direkt de 25. Abrëll zousätzlech Sécherheetsnetzer installéiert fir déi futtis Netzer ze kompenséieren an d'N27 séier erëm fir de Verkéier opzemaachen.

No enger éischter Analyse vun der Situatioun ass de 24. September 2025 mat engem Helikopter Waasser iwwert d'Fielswand geschott gi fir all déi Fielsstécker aus der Fielswand erauszeléisen, déi nach lass waren. Dës Moossnam war néideg, fir d'Aarbechten un der Fielswand duerno sécher duerchféieren ze kënnen.

Demnächst gëtt déi ganz Fielswand duerch spezialiséiert Ekippe (Alpinisten) manuell gebotzt. D'Alpiniste seelen sech do un der Fielswand erof a stemmen alles lass wat nach hänke bliwwen ass.

Eréischt duerno ginn Ufank Dezember mat enger Maschinn déi 2000 Kubikmeter Fiels ewechgeholl.

An enger leschter Etapp ginn Ufank 2026, wann d'Wieder et erlaabt, d'Sécherheetsnetzer gefléckt an zum Deel nei installéiert. Et geet bei den Aarbechten also drëms fir d'Sécherheetsnetzer erëm an ee funktionéierenden Zoustand ze versetzen, fir dass d'Notzer*innen vun der Strooss a Sécherheet kënne laanscht kommen.

D'Aarbechten, déi elo nach vun den Alpinisten duerchgefouert wäerte ginn, erfuerderen am Prinzip keng Spärung vun der Strooss.

Si sinn deemno och net de Grond fir déi aktuell Spärung vum Streckenofschnëtt.

*Fro 2: Bis wéini kann dës Streck nees spéitstens fir de Verkéier opgemaach ginn?*

Déi aktuell Spärung un der N27 steet net am Zesummenhang mat den Aarbechte vun der Stroossebauverwaltung am Steebroch, mee ass bedéngt duerch ee Chantier zu Méchela vun der zoustänneger Gemeng.

Dëse gouf elo ëm ee Mount verlängert a soll den 1. Dezember 2025 ofgeschloss sinn.

*Fro 3: Wéi vill Gefierer fueren am Duerchschnëtt all Dag iwwer dëse Streckenofschnëtt?*

Op dësem Deel vun der N27 huet d'Stroossebauverwaltung kee permanenten automatesche Verkéierszieler installéiert. Dowéinst leien och keng exakt Zuelen iwwer d'Verkéiersintensitéit vir.

Allerdéngs geet eng Héichrechnung vun der Stroossebauverwaltung dovun aus, dass am Duerchschnëtt ronn 1 400 Gefierer pro Dag dës Streck benotzen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes